



N° 6872
Entrée le 21.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.09.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'Luxembourg Times schreift, datt déi brittesch Regierung diskutéiert fir de Plafonnement vun de Bonusprimme vu Mataarbechter aus dem Bankberäich, deen d'Veereenegt Kinnekräich nach als Member vun der EU akzeptéiert huet, opzehiewen, fir op déi Manéier fir international Investoren a qualifizéiert Personal nees méi attraktiv ze ginn. Sou eng Decisioun géif London natierlech och op den Hibleck mat der Konkurrenz zur Finanzplaz Lëtzebuerg huelen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Fro stellen:

- 1) Gesäit d'Madamm Finanzminister de Virstouss aus London als Geleeënheet fir op nationalem an EU-Niveau den nämmelechte Schratt ze ënnerhuelen? Falls net, wéi gedenkt d'Madamm Minister dëse kloren Nodeel an der Kompetitivitéit, deen eiser Finanzplaz géif entstoen op aner Manéier ze kompenséieren?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten



Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6872 vum 21. September 2022 vum Här Deputéierten Roy Reding.

Den Plafonnement vun Bonusen am Bankesecteur huet säin Ursprung an den 3. a 4. Egekapital Direktiven – Direktiven 2010/76/EU an 2013/36/UE.

Als EU Memberstaat huet Lëtzebuerg sech un déi Regeln ze halen an huet, contrairement zu Groussbritannien, keng Méiglechkeet dës Regeln national ofzeschaffen. Et ass och drun ze erënneren, dass dës Regeln aus guddem Gronn agefouert ginn sinn no der Finanzkris, fir ze ännerbannen, dass d'*politique de rémunération* vun Banken iwerméisseg Risikobereetschaft encouragéiert.

Generell setzt Lëtzebuerg sech op EU Niveau an fir eng Reglementatioun déi och iwwert d'EU Grenzen erauskuckt an d'Kompetitivitéit vum EU Finanzsecteur am An behält.

D'Regierung gesäit den Développement, d'Attractioun an d'Retentioun vun Talenter als eng Prioritéit, nët nëmmen fir d'Finanzplaz. An deem Sënn, sinn am Budgetgesetz fir d'Joer 2023 och Upassungen virgesinn fir esouwuel den *régime d'impatriés* wéi och den Regime vun den *primes participatives* méi attraktiv ze gestalten.

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2022

D' Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes